

Här Chamberpresident,  
Här Minister,  
Här President vum Staatsrot,  
Här Scheffen aus der Haaptstaadt,

Liebe Gäste aus der Gedenkstätte SS-Sonderlager/KZ Hinzert  
und vom Freundeskreis der Gedenkstätte,

Dir Dammen an dir Hären,

Wann d'Demokratie dän am mansten schlechten politischen Regime vun all denen  
as, déi én sech kann erdenken, dann as än vun hiren schwachen Punkten bestëmmt  
dän, datt si permanent no Kompromisser sicht, déi vun méiglichst vill vun den Biiirger  
gedroen können gin. Politisch Kompromisser gin hei-ans-do soweit ausgedehnt, datt  
et schwéier as, sie éwerhaupt nach ze explizéieren,  
an mir sin esou un Kompromisser gewinnt, datt mir mengen, ët könnt én der an all  
Domainen schléissen. Daat stëmmt ewer nick.

D'Period vun 1940/1945 war eng Zeit, wou et nick méiglich war, an Allem én  
Kompromiss ze sichen. Den Commémoratiouns-Daag von hackt – d'Journée  
Nationale de la Résistance – erënnert un déi Männer an Fraen, déi mat vill Courage  
refuséiert hun, mat dem Nazitum Kompromisser anzegoen.

Den 10. Mai 1940, wéi d'Land vun der deutscher Wehrmacht iwverfall an besaat  
gouw, konnt én nach mengen, ët géiw eis esou goen wéi 1914/1918: militärisch  
Besetzung, Berufung op eis Neutralitéit, an Funktionéieren vun eisem Staat méi  
oder wéiniger no sengen eegenen Regeln.

Nom Enn Juni 1940, also noom Waffenstillstand zwëschent Frankreich an  
Deutschland, war déi Mänung nach bestenfalls eng Illusioun. An wéi an denen Méint  
duerno d'Germaniséierung and d'Nazifikatioun vum Land rücksichtslos bedriwwen  
gouwen, woust och dän allerleschten, datt hien eigentlich nëmmen véier Optiounen  
hät: woubei déi éischt - méiglichst séier aus dem Land erauskommen - bal nick méi  
méiglich war. Blouwen nach di 3 anner:

- °mat den Nazie-en matmaachen – also kollaboréieren;
- °nookucken, an hoffen, datt én irgendwéi derduurch kéim;
- °oder sech wieren – also Resistenz machen.

Zwëschent denen 3 Méiglichkäten déi realistesch an Froo koumen, gouw ët kën  
Kompromiss, jiddereng war inkompatibel mat denen 2 anneren an jidderän woussst,  
dat se ethisch nick gleichwärtig wäeren. Och wann hakt probéiert gët, die ganz Zeit  
an Groo ze fierwen, war dämools gewosst, datt zwëschent denen Haltungen deitlich  
Ennerschäder wieren: Datt Weiss eben nick gro an och nick schworz war, an schworz  
bestëmmt keint mat Groo iwvermoolt Weiss wier. Datt d'Kollaboratioun én Verrot um  
Land an sengen Lekt wär. Datt d'Nookuckerten géiwen riskéieren noo an noo zu  
Matléifer ze gin. Datt d'Resistenzler, wann se erwëscht géiwen gin, kën Pardon ze  
eerwoorden hätten – weder fir sech nach fir hir Famill.

Et gouwen der trotzdeem vill, Fraen an Männer, déi berät waren, hir Gesondhät an  
hirt Liewen ze riskéieren an den Nazi-en ze resistéieren. Jiddereen vun hinnen hot  
seng perséinlich Décisioun geholl, als freien Mënsch an engem Land, daat nick méi

frei war, an zwar nick, well sie persénlich von den Nazi-en Onrecht erlidden hätten, mais well sie erem als frei Biirger an engem freien Land wollten léwen.

Déi eng hon sich an Organisatiounen erëmfond, déi noo an noo gegrënd gouwen, annerer hon sich drop spezialiséiert, als Passeur d'Lekt iwver d'Grenzen ze brengen, d'Filiéristen hon di Flüchteg vun Doref zu Doref geleet; nach annerer honn sich em déi, di verstoppt waren, gekëmmert. An dann gouwen ët déi, déi am Ausland aktiv waren géint Nazi-en, an den Maquis-en an an den alliierten Arméen.

Hackt héiert än déi gelungsten Saachen iwver d'Resistenz: déi eng mengen, den 10. Mai wär d'ganz Land am organiséierten Widderstand engagéiert geweest; aanerer beschwéieren sech, ët hätt ze lank gedauert, bis d'Resistenzler aktiv gin wäeren. Wee weess haut nach, datt nodeems den 21. Juli 1940 de Gustav Simon zum Chef vun der Zivilverwaltung genannt gouw, schons am August an am Hierscht 1940 eng ganz Rei Resistenzgruppen uerchert d'Land entstane sinn?

Wann én wäss, datt e puer Dausend vun den Refraktären hei am Land verstoppt waren fir nick müssen an d'Wehrmacht ze goen, an datt déi mäst iwver d'organiséiert Resistenz verstoppt gouwen, dann brauch än nick weit sichen ze goen, fir eraus ze fannen, waat d'Resistenz am Kréig geläst huet. An wann én wäss, datt d'Razzia-en vun der Gestapo d' Resistenz-Organisatiounen e puermool schrecklich deziméiert hun, dann frett én sech, mat waat fir enger Autoritéit déi schwëtzen, déi hackt behaupten ze wossen wéi én ët deemools haätt missten besser maachen.

Och wann noo der Befreiung jiddereen am léiwsten an der Resistenz gewiest wär, dann gët hacktdesdaag baal nick méi iwver d'Resistenz geschwaat an nach vill manner geschriwwen. Et ass méi an der Moud, d'Kollaboratioun erviirzestreichen an ze maachen, wéi wann eist Land seit 1945 probéiert hätt, d'Kollaboratioun ze verschummelen. Dobei gët ganz vergiess, datt kuurz noom Kréigsënn ongeféier 5.000 Kollaborateuren de Prozess gemät gouw, an hirer ongeféier 2500 verurteelt gouwen.

An souwisou: ob ët hei am Land vill oder wéinig Kollaboratioun gouw, ännert jo neischt um Courage vun denen, déi Resistenz gemät hun. Oder?

Wann déi, déi sich an eiser Zeit ëm d'Geschicht vum Land beméien sou wéinig iwver d'Resistenz schreiwen, dann wouel well ët sou wéinig schrëftlech Dokumenter aus dér Zeit gët. D'Resistenz selwer huet wéinig Schrëftstécker produzéiert - d'war jo schliesslich keng Verwaltung. An wén wär domm genou gewiest, doheem Dokumenter ze verstoppen, déi, wann se bei enger Perquisitioun fond gin wäeren, d'Doudesurteil fir den Betreffenden gewiest wäeren? An d'Gestapo huet hir Archiven mat Heim ins Reich transportéiert éier sie den Amerikaner an d'Hänn gefallen wäeren.

Mir riskéieren, demnächst folgend Muster ooflaafen ze gesinn:

- keng Dokumenter, also keen Interessi vun der Wëssenschaft;
- keen Interessi vun der Wëssenschaft, also keng Publikatiounen;
- keng Publikatiounen, also war do neischt.

\*\*\*\*\*

Et gät hackt ewer nick nēnnen drēm drun ze erēnneren, waat d'Resistenz am Krig vun 1940-1945 war, an waat se geläst huet, mais haauptsächlich em d'Uleies op dat d'Resistenzler an d'Resistenzlerinnen noom Krig gepocht hun: wann mir wēllen an Zukunft am Friden an an Freihät liewen, dann müssen mir eis mat Zeit géint all déi wehren, déi probéieren, d'Fonnamenter an d'Prinzipien ze zergrimmelen, op denen eisen Rechtsstaat opgebaut aus.

Kucken mir dach einfach iwwert eis Grenzen: an wivill Länner, déi gor nick esou weit ewä leien, gin hackt erēm fir all méiglich Problemer einfach Léisungen propagéiert? Alles waat kamout an én kurzen Slogan passt, oder nick méi ewéi e puer Reien an engem Parteiprogramm oder e puer Sätz an enger Wahlried Plaatz brauch, as gut genou fir als Wonnermēttel vun den Populisten vun aller Couleur hirem Publikum zerwéiert ze gin. An et schingt doreēmer erēm éint dankbart Publikum fir sou Methoden ze gin.

Mir riskéieren hackt den "re-make" aus den 30-er Joeren vum leschten Jorhonnert ze erliewen: d'Nazi-Partei as mat hirem Programm tatsächlich als stärkst Partei aus demokratischen Wahlen erviirgaangen, an den Hitler as iwwer een legalen Wee zum Reichskanzler ernannt gin. An e puer Deeg drop war an Deitschland néischt mei vun enger Demokratie ze gesin.

An mir stellen eis hackt d'Froo, déi eis Viirgänger sech an den Kréigsjoeren schon gestallt hun: waat kann én do dergéint maachen?

Et gëtt kéint Wonnermēttel. Zivilcourage as gefuerdert, vun jidferengem vun eis. Jidderen vun eis muss astoen fir eis Freiheeten, sou wéi se an eiser Constitutioun niddergeschriwwen sin. Et sin jo schliesslich eis Freihäten, op déi mir pochen an eis Constitutioun, déi eis Vertrieder an der Chamber gestëmmt hun. Jiddereen muss den Mond opdun an protestéieren wann an senger Nooperschaft d'Liewen, d'Freihät an d'Secherhät vun engem anneren Mensch mat Féiss getrēppelt gin. Genéiert nokucken as keng Léisung! D'Fauscht an der Täsche maachen och nick. Worden, bis datt soss én vleicht éppe mécht, hēlleft neischt.

Eis Demokratie as neischt Selbstverständliches. Fir datt sie och an Zukunft funktionéiert muss all Bierger séint derzou beidroen datt sie bestoen bleiwt. Mir können eis dréinen an kéieren wéi mir wēllen: et get kën Wee derlaanst, et esou ze maachen wéi d'Resistenz aus den 40er Joeren vum lesten Jorhonnert:

A chacun de payer de sa personne!

